



gocier dans les instances internationales et conclure des accords.»

Här President, de Statsrot huet dëse Gesetzesprojekt positiv aviséiert, an d'Commission juridique recommandéiert eestëmmeg, dëse Projet ze stëmmen. Ech gi fir mäin Deel d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktion a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur. Wéi mer dat vun him gewinnt sinn, war e méi wéi komplett an detailléiert, esou datt sech all aner Interventioun eriwwegt. Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5861 ass ugehall mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par M. Lucien Clement), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers (par M. Raymond Weydert), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz (par M. Marc Spautz), Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert

Weber (par M. Jean-Paul Schaaf), Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Ben Fayot), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Fernand Diederich), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Claude Haagen);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.


Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer nees um hallwer dräi zesummen. D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.53 heures)



SÉANCE 44

MERCREDI,
14 JUILLET 2010

Présidence: M. Laurent Mosar, Président • Mme Anne Brasseur, Doyen

Sommaire

- 6123 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 30 mai 2005 portant:
 - 1) organisation de l'Institut Luxembourgeois de Régulation;
 - 2) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État
 - Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Media et des Communications: M. Marcel Oberweis
 - Discussion générale: Mme Anne Brasseur, M. Claude Haagen, M. Jean Colombero, M. André Hoffmann, M. Claude Adam
 - M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6147 - Projet de loi
 - 1) portant introduction de diverses mesures temporaires visant à promouvoir l'emploi et à adapter les modalités d'indemnisation de chômage et complétant ou dérogeant à certaines dispositions du Code du Travail;
 - 2) modifiant les articles L. 513-3, L. 521-7 et L. 523-1 du Code du Travail;
 - 3) modifiant la loi modifiée du 17 février 2009 portant 1. modification de l'article L. 511-12 du Code du Travail; 2. dérogation, pour l'année 2009, aux dispositions des articles L. 511-5, L. 511-7 et L. 511-12 du Code du Travail
 - Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi: M. Roger Negri
 - Discussion générale: M. Ali Kaes (M. André Hoffmann pose une question), M. André Bauler, Mme Viviane Loschetter, M. Gast Gibéryen, M. André Hoffmann, M. Lucien Clement
 - M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6110 - Projet de loi ayant pour objet
 - A) la transposition en droit national de la directive 2007/58/CE du Parlement européen et du Conseil du 23 octobre 2007 modifiant la directive 91/440/CEE du Conseil relative au développement de chemins de fer communautaires et la directive 2001/14/CE concernant la répartition des capacités d'infrastructure ferroviaire et la tarification de l'infrastructure ferroviaire;
 - B) la création d'un organisme de contrôle du marché ferroviaire;
 - C) de modifier la loi modifiée du 11 juin 1999 relative à l'accès à l'infrastructure ferroviaire et à son utilisation;
 - D) de modifier la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire
 - Rapport de la Commission du Développement durable: M. Marc Spautz
 - M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6014 - Projet de loi portant réorganisation de l'Administration des Ponts et Chaussées

- Rapport de la Commission du Développement durable: M. Lucien Clement
 - Discussion générale: M. Fernand Etgen, M. Roger Negri, M. François Bausch, M. André Hoffmann
 - M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6114 - Projet de loi portant intégration des activités aériennes dans le système communautaire d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre et modifiant la loi modifiée du 23 décembre 2004
 - 1) établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre
 - 2) créant un fonds de financement des mécanismes de Kyoto
 - 3) modifiant l'article 13 bis de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés
 - Rapport de la Commission du Développement durable: M. Marcel Oberweis
 - Discussion générale: M. Eugène Berger, M. Roger Negri
 - M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures (M. François Bausch pose une question)
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
 - 6056 - Projet de loi relative aux licences des contrôleurs de la circulation aérienne et transposant la directive 2006/23/CE du 5 avril 2006 du Parlement européen et du Conseil concernant une licence communautaire de contrôleur de la circulation aérienne
 - Rapport de la Commission du Développement durable: M. Marc Spautz
 - Discussion générale: M. Fernand Kartheiser
 - M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
 - 6096 - Projet de loi portant modification de la loi du 8 juillet 1986 portant réglementation de la mise sur le marché des détergents
 - Rapport de la Commission des Affaires intérieures, de la Grande Région et de la Police: M. Raymond Weydert
 - Discussion générale: M. Fernand Etgen
 - M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région (M. Xavier Bettel pose une question)
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
 - 6143 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative aux incidences du Traité de Lisbonne sur les parlements nationaux
 - Rapport de la Commission du Règlement: M. Ben Fayot
 - Discussion générale: M. Léon Gloden, Mme Lydie Polfer, M. Gast Gibéryen, M. Félix Braz, M. André Hoffmann, M. Ben Fayot
 - Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. François Biltgen, Jean-Marie Halsdorf, Claude Wiseler et Nicolas Schmit, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)



d'Chamber online op
www.chd.lu

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Als éischte Projet de loi hu mer haut de Mëtten de Projet de loi 6123 iwwert den ILR. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Brasseur, den Här Haagen, den Här Colombero an den Här Hoffmann. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum

Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Oberweis. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

www.chd.lu

617



1. 6123 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 30 mai 2005 portant:

1) organisation de l'Institut Luxembourgeois de Régulation;

2) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Media et des Communications

► **M. Marcel Oberweis** (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, de virleiende Projet de loi soll dat scho modifizéiert Gesetz vum 30. Mee 2005 eng weider Kéier änneren. Dass dat Gesetz eng Modifikatioun erfiert, berout op der Ëmsetzung vun der europäescher Direktiv 2009/140.

D'Ännerunge bezéie sech an der Haaptsaach op, éischtens, d'Organisatioun vun dem ILR, dem Institut Luxembourgeois de Régulation, an zweetens, der Modifikatioun am Regime vun den Traitementer bei de Fonctionnaires, déi an deem ILR beschäftegt sinn.

An der Mëtt vun den 90er Joren ass um europäeschen Niveau décidéiert ginn, de Beräich vun den Telekommunikatiounen ze liberaliséieren, fir dass eng méi grouss Konkurrenz entstoe kéint. D'Chamber huet am Joer 1997 e Gesetz gestëmmt, dat den Telekommunikationsmonopol vun der Post ofgeschaaft huet. Am Kader vum deem Gesetz gouf och een onofhängegt Institut an d'Liewe geruff, dat d'Konkurrenz op deem neien a fréie Maart vun den Telekommunikatiounen reguléieren an iwwerwaache sollt.

Am Joer 2000 huet den Institut Luxembourgeois des Télécommunications weider Regulatiounskompetenzen am Beräich vum Energiemaart an de Postdénsgchter kritt. Dës Entwécklung huet derzou gefouert, dass dat Organ an den Institut Luxembourgeois de Régulation, den ILR, ëmgenannt ginn ass. A well deem seng Missiounen sech net méi eleng op de Beräich vun der Telekommunikatioun beschränkt hunn, gouf dunn am Joer 2005 décidéiert, den ILR aus dem Telekommunikationsgesetz erauszehuelen an d'Organisatioun vun dem ILR an engem eegene Gesetz festzeleeën.

Dierf ech nach drop hiweisen, dass den ILR en Établissement public indépendant ass, deem d'Personnalité juridique huet.

Mat dem virleiende Gesetzesprojekt soll dat Gesetz vum 30. Mee, wéi gesot, 2005 op zwee Punkte geännert ginn. Et ass virun allem de Paragraph 4 vum Artikel 11, deem eng Incompatibilitéit virweist, an dat am Zesummenhang mat der Onofhängegkeet vun den nationalen Autoritéiten, déi d'Regulatioun an hirer Attributioun hunn.

Et gëtt vun der Europäescher Kommissioun verlaangt, dass jiddwer Memberstat derfir suerge muss, dass déi agesaten Instanze fir d'Regulatioun eng kloer juristesche Trennung par rapport zu den ausgeféierten Dénsgschteeschtungsservicer hunn. Dat hu mer ënner anerem bei der Versuergung mat der elektrescher Energie an an dem Aerdgas souwéi och bei de Réseauen an de Servicer vun den Telekommunikatiounen.

Et gëtt verlaangt, dass d'Memberstaten dem Régulateur och déi finanziell Mëttelen an dat néidegt Personal bereetstellen, fir dass dee seng Aufgab en toute indépendance duerchféiere kann. Mat dem Gesetz vum 30. Mee 2005 huet de Régulateur och deemools eng eege Kontabilitéit kritt.

Dräi vun de fënnf Direktiven aus dem europäeschen Telekom-Pak bedéngen déi Ännerungen um Gesetz vun dem ILR. Dës dräi europäesch Direktive behandelen: de communautaire Kader, den Zougank an d'Autorisatiounen vun den elektronische Kommunikationsréseauen an och den Dénsgschteeschtungsservicer.

Ënnert dësen Direktiven ass virun allem d'Kaderdirektiv fir d'Ännerung vum ILR-Gesetz verantwortlech, well den Artikel 3 vun der Direktiv net méi mat verschiddeenen Artikelen vun dem aktuellen ILR-Gesetz kompatibel ass. Deen Artikel bestëmmt nämlech, dass déi national Regulatiounsautoritéit - bei eis eben den ILR - komplett onofhängeg vun aller staatlecher Kontroll funktionéiere muss. Dat ass bis elo net de Fall, well d'Regierung ee Wuert bei der Aart a Weis, wéi den ILR schafft, matzeschwätzen huet.

Mat dem virleiende Gesetzesprojekt kritt den ILR awer dës Onofhängegkeet, fir seng Regulatiouns- an Iwwerwaachungsmissionen ouni Afloss vun dobaussen duerchzuféieren. Weder d'Regierung nach eng europäesch Institutioun oder soss en Organ däerf sech an d'Aarbecht vum ILR amëschchen. Duerfir ginn all déi Artikelen, déi bis elo eng staatlech Amëschung erlaben, am ILR-Gesetz gestrach. Dat huet dann och zur Konsequenz, dass den ILR säi Budget a seng Konte selwer unhëlt an net méi wéi elo d'Zoustëmmung respektiv d'Décharge vun der Regierung muss kréien.

De Statsrot geet a sengem Avis op déi komplett Onofhängegkeet an, déi den ILR an Zukunft kréie soll, well jo an der Direktiv „en toute indépendance“ erausgehuewe gëtt. Hir verweist an deem Kontext op en Uerteel vum Europäesche Geriichtshaff, deem an enger Geriichtsaffär tëschent der Europäescher Kommissioun an Däitschland d'Definitioun vun dem Begrëff „en toute indépendance“ beliicht huet.

Den Europäesche Geriichtshaff hält fest, dass Onofhängegkeet fir ee staatlecht Organ bedeit, a kompletter Fräiheet ze handelen, ouni vu baussen op direkt oder indirekt Aart a Weis ënner Drock gesat ze ginn a gesot ze kréien, wéi d'Aarbecht dann elo muss funktionéieren. Fir de Statsrot huet de Begrëff „en toute indépendance“ deemno fir all europäesch Gesetzestexter ze gëllen, deemno och fir déi Instituter, déi mat der Regulatioun ze dinn hunn, deemno och eisen ILR.

De Statsrot ass sech awer bewosst, dass esou eng komplett Onofhängegkeet vun engem Organ net géint déi Lëtzebuerger Verfassung verstoussen dierf, déi jo d'Kreatioun vun öffentlechen Ariichtunge mat enger grousser Selbstännegkeet par rapport zu der Autorité de tutelle, där se ënnerstallt ass, erlaabt. Et dierf awer net derzou féieren, dass et zu engem Stat am Stat kënnst.

An hirem Avis weist d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics drop hin, dass et bei der Gestiou vun de finanzielle Mëttelen eng kloer Transparenz muss ginn, well et geet hei ëm héich Montanten. De Gouvernement muss ëmmer en Droit de regard op d'Konte vun dem ILR behalen.

No dëse Bemierkungen, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, Här President, wëll ech déi wichtegst Elementer vum Gesetzestext nach eng Kéier virdroen.

Am Artikel 2 gëtt drop higewisen, dass de Siège vun dem ILR wuel an der Stad Lëtzebuerg ass, deem awer kann an eng aner Lokalitéit déplacéiert ginn, wann et de Wonsch vum Opsichtsrot wär.

Am Artikel 3 geet et drëm, dem ILR ze erlaben, en toute indépendance seng zougewise Missiounen am Beräich vun der Regulatioun an de wirtschaftleche Secteuren, den Entreprises an Opérateuren duerchzuféieren.

Den Artikel 4 ënnersträicht hei, dass de Stat net responsabel ka gemaach gi fir déi Décisiounen, déi den ILR geholl huet.

Am Artikel 5 gëtt kloergemaach, dass den ILR an och kee vu senger Memberen a sengen Organer eng Instruktioun vu baussen dierf sollicitéieren an och net unhuelen. Et gëtt ënnerstrach, dass d'Nominatioun vu Fonctionnaires an den ILR-Opsichtsrot keng Atteinte op deem seng Onofhängegkeet bedeit. D'Membere vum Opsichtsrot hunn däierf mat der Regulatioun ze dinn. Duerfir ass d'Direktioun ganz eleng responsabel. Op deem Niveau vun der Direktioun gëtt jo och dann eis Direktiv ëmgesat. An de Kompetenzberäich vum Opsichtsrot falen nëmmen, an nëmmen, déi administrativ Ugeleeënheiten.

Am Artikel 6 gëtt op de Réviseur de comptes vun dem ILR higewisen.

Den Artikel 7 - interessant hei - hält fest, dass d'Unzuel vun de Memberen aus der Direktioun elo vun dräi op fënnf Leit eropgehuewe gëtt. Dat ass bedéngt duerch déi méi Aarbecht, déi elo op den ILR zoukënnst, och an der Zukunft.

An d'Dauer vun dem Mandat gëtt elo op maximal zweemol fënnf Joer fixéiert. Zu deem Punkt hat sech eis Chamberskommissioun vill Gedanke gemaach, ass dach d'Dauer vun de Mandate vu Fonctionnaires, déi eng Fonction dirigeante hunn an enger staatlecher Verwaltung, normalerweis nom Gesetz vum Dezember 2005 op siwe Joer festgehal ginn.

Et ass awer vun der Regierung erkläert ginn, dass d'Dauer vu fënnf Joer op dem europäeschen Niveau Usus ass, an duerfir och hei fënnf Joer festgehal ginn ass. Fir d'Chamberskommissioun wor et awer logesch, dass déi Limitatioun vun zweemol fënnf Joer eréischt mat dem Akraafttriede vun dësem Gesetz rechtens gëtt, wat jo och eng direkt Inzidenz op déi bestehend Mandater momentan huet.

Während der Dauer vun hirem Mandat kënnen d'Membere vun der Direktioun, dat heescht den Direkter mat senger véier Adjoint-Direkteren, net aus hirer Responsabilitéit entlooss ginn, ausser bei Fautes graves. Dem suspendéierte Member stinn dann eng Rei vu Méiglechkeeten zur Défense zur Säit.

Ech kommen zum Schluss. An dem Artikel 11 ënnersträicht den ILR seng Onofhängegkeet doduerch, dass hie säi Budget a seng Konte selwer unhëlt, an net méi wéi bis elo d'Zoustëmmung respektiv d'Décharge vun der Regierung muss kréien. Ausserdeem soll den ILR an Zukunft e Réviseur d'entreprise fir dräi Joer nennen. Dee kontrolléiert, ob d'Konte vum ILR och an der Rei sinn. An deem säi Mandat ass op dräi Joer renouvelabel agestallt.

No dësen Ausféierunge wëll ech dann d'Chamber bidden, dësem Gesetzesprojekt zouzestëmmen, esou wéi dat d'Chamberskommissioun mat grousser Majoritéit ugeholl huet. Ech bréngen den Accord vun der CSV eran a soe Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Oberweis. Als éischt Riednerin ass d'Madame Anne Brasseur agedroen. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Anne Brasseur** (DP).- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, den Här Rapporteur huet jo elo en détail explizéiert, wat an deem Projet de loi steet, an ech well em och duerfir félicitéieren.

Ech géif wëllen dräi Remarquë maachen, déi eng iwwert de Mandat, déi zweet iwwert d'Établissements publics an déi drëtt iwwert d'Sanctions extrajudiciaires.

Zu de Mandater. Mir hunn hei en Établissement public, wou de Comité de direction e Mandat vu fënnf Joer huet, deem eemol renouvelable ass, fir eben d'Indépendenz ze garantéieren. Mir hunn aner Établissements publics, wou d'Mandater sechs Joer sinn, wéi bei der Commission nationale pour la Protection des Données. Bei der Cour des Comptes, dat ass keen Établissement public, mä do sinn et och sechs Joer. Et sinn der siwe bei den héije Fonctionnaires, do ass et renouvelabel.

Ech weess, dass et eng Circulaire vun der Regierung gëtt, déi seet, déi Mandater sollen op fënnf Joer limitéiert ginn. Duerfir wëllt ech den Här Minister froen, ob en net mengt, dass do misst Kohärenz an de System bruecht ginn an dass all déi Mandater sollten op een Niveau regléiert ginn.

Dat Zweet, dat ass d'Instrument Établissement public, wat et hei gëtt, dat gëtt et och an anere Fäll, wéi bei der Dateschutzkommissioun oder bei der CSSF. An do musse mer ons all zesummen iwwerleeën, ob den Établissement public dat richteg Instrument ass, fir deenen Aufgabe gerecht ze ginn, well all Kéiers, wa mer un d'Gesetz ënnere ginn, da stousse mer awer op d'Limiten, well den Établissement public net dat richteg Instrument ass. An ech mengen, et wär gutt, wa mer ons zesumme géifen iwwerleeën, wellech Form

mer kënne fannen, fir esou e Genre vu Kontrollinstanzen ze strukturéieren, fir hinne wierklech eng Struktur ze ginn, déi hirem Objet och méi gerecht ka ginn.

An dat Drëtt, dat sinn d'Sanctions extrajudiciaires. All déi Etablissementen kënnen, well et Regele gëtt, wann ee géint déi Regele verstéisst, Sanktiounen ausschwätzen. Dat muss och sinn, well wann dat net wär, da wär et effektiv - fir en Term vum Minister ze gebrauchen - e Pabeiertiger, wat et awer net däerf sinn.

Duerfir, d'Fro, déi ee sech awer muss stellen, ass: Wéi wäit kënne mer goe mat deene Sanctions extrajudiciaires? Empiétiéiere mer do net op d'Gebitt vun der Justice? An duerno wäert den Här Bettel an engem anere Projet, nämlech deem iwwert d'CSSF, dorop agoen. Dat stellt Problemer duer. Och dat, mengen ech, misste mer ons zesummen iwwerleeën, net dass mer Instrumenter schafen, mat deene mer duerno Problemer kréien.

Mir versprechen ons selbstverständlech net, dass Sanktiounen vun esou Organer kënnen ausgesprach ginn, mä et muss eng kloer Délimitatioun kommen tëschent deem, wat judiciaire ass, an deem, wat extrajudiciaire ass.

Déi dräi Remarquë wollt ech am Zesummenhang mat dësem Projet maachen, Här President, an ech ginn den Accord vu menger Fraktioun.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci der Madame Brasseur. Als nächste Riedner ass den Här Haagen agedroen. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Haagen** (LSAP).- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Hären, ech géif dem Rapporteur, dem honorabelen Deputéierten, dem Här Oberweis, villmools Merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen an mëndleche Rapport.

Den ILR huet am Laf vun de Joren ëmmer méi Kompetenze kritt, déi haut d'Telekom, de Stroum an de Gas betreffen. Haut kënn an dëser Sitzung och nach de Beräich vum Ferroviaire derbäi, de Projet de loi 6110, an an Zukunft wäerten och d'Servicepostaux derbäikommen.

Dem ILR seng Aarbecht ass fir vill Leit net visibel an net ëmmer ganz verständlech. Mä den ILR erfëllt an eiser Gesellschaft, wou ëmmer méi Servicer liberaliséiert ginn, ob een dat elo gutt oder schlecht fënnt, déi fréier ënnert der staatlecher Responsabilitéit stoungen, eng ganz wichteg Roll, wat de Schutz vum Konsument ugeet, an d'Garantie, dass den Utilisateur de beschtméigleche Service ugebuede kritt.

Fir awer konform ze si mat den europäeschen Direktiven, déi eng méi grouss Autonomie vun de Regulatiounsinstituter fuerderen - si mussen en toute indépendance schaffen kënnen -, mussen eng Rei Artikelen aus dem modifizéierte Gesetz vun 2005 geännert ginn. Dat ass den Objet vun dësem Gesetz, iwwert dat mer haut ofstëmmen.

Dës Ännerungen hunn als Zil, d'Interventionsméiglechkeeten, déi d'Regierung um ILR huet, ganz ze eliminéieren, zum Beispill: d'Recht, d'Konten an de Budget vum ILR ze approvéeieren, eng Autorisatioun ze gi fir d'Indemnitéiten, d'Primen an aner Virdeeler, déi der Direktioun an dem Personal zougesprach ginn, an d'Nominatioun vun de Konterévisseure vum ILR.

Des Weidere ginn d'Membere vun der Direktioun, et sinn der elo bis fënnf, irrévocabel; et ass schonn ugeschwat ginn. D'Gesetz iwwerhëlt do Wuert fir Wuert d'Formulatioun, déi sech an der Verfassung op d'Riichtere bezieht.

Och wann d'Verfassung et zouléisst, dass een Établissement public an dësem Fall esou een Niveau vun Onofhängegkeet kritt, sinn all déi Dispositiounen, op déi ech net weider aginn - de Rapporteur huet dat jo scho ganz gutt gemaach -, op den éischte Bléck awer beonrouegend.

Esou wéi de Statsrot et formuléiert huet, entsteet hei e Stat am Stat, dee sech ëmmer méi de legislativen an exekutive Pouvoiren entzitt. Dëst stellt dann natierlech d'Fro vum Fonctionnéiere vun engem demokratesche Stat. Et soll een nämlech



och net aus den Ae verléieren, datt den ILR en annuelle Budget vu ronn 5,5 Milliounen Euro huet, dech sech aus de Bäitrag vun deene verschiddenen Opérateuren zesummesetzt, déi à contribution gezu ginn, fir ee Service ze erleedegen, deen d'utilité publique ass.

Dowéinst fuerdere mir als Sozialisten, dass d'Cour des Comptes, déi den ILR am Moment net kontrolléiert, dat an Zukunft soll maachen. An trotzdeem ass déi Onofhängegkeet vum ILR wichteg, fir sämtlech Conflit-d'intérêten ze verhënnern, déi kéinten entstoen, wann de Stat e Mat-sproocherecht, ënner wellecher Form och ëmmer, beim ILR hätt.

Mat dëse Remarquë bréngen ech den Accord vun der LSAP an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Haagen. Als nächste Riedner ass den Här Colombero agedroen. Här Colombero, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean Colombero (ADR).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt e Merci un den Här Oberweis fir säi schrëftlechen a mëndleche Bericht, well e war ganz explizit.

Den ILR kritt mat dësem Gesetz eng méi grouss Indépendance. Hien ass chargéiert, fir verschidden ekonomesch Secteuren ze reguléieren, ënner anerem de Réseau vun den Telekommunikatiounen, den Transport an d'Distributioun vum Gas, den Transport an d'Distributioun vum Elektreschen, d'Postservicer. Hien ass zoustänneg fir d'Gestioun an d'Koordinatioun vun de radioelektresche Frequenzen, an en ass och zoustänneg fir de Contrôle vum Eisenbahnmarché.

Eis eenzeg Suerg, déi elo ass, ass déi heiten: Ass den ILR à même, fir eleng als eenzeg Institutoun dës vill Secteuren ze reguléieren, oder wär et besser, wann zwou oder dräi esou Institutounen do wäeren? Wéi den Här Haagen gesot huet, de Budget, deen ass 5,5 Milliounen Euro, a mir sinn och derfir, dass d'Cour des Comptes den ILR awer misst an deem Beräich do kontrolléieren. A wa mer vun „indépendant“ schwätzen, hoffen ech och, dass et déi politesch Indépendance ass, net dass den ILR iwwerall indépendant ass, ausser politesch. Dat wär natierlech net ze begreifen.

Dat gesot, Här President, gi mer den Accord zu dësem Projet. Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Colombero. Als leschte Riedner ass den Här Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Här President, ech wëll mech beim Vote enthalten, aus zwee Grënn.

Deen éischten, dee wäert lech wahrscheinlech net ganz staark verwonneren. Deen Institut de Régulation ass natierlech eng Konsequenz vun der Liberaliséierungspolitik um europäeschen Niveau. A vu dass ech mat där net d'accord sinn, kann ech eigentlech iergendengem Gesetz, wat sech op deen ILR bezitt, och eigentlech meng Zoustëmmung net ginn.

Deen zweete Grond, deen ass awer e bësse méi grondsätzlech. An zwar hunn ech e Problem am Zesummenhang mat eiser konstitutioneller Uerdnung, an zwar virun allem mat där fundamentaler Fro vun der Gewaltentrennung, déi jo eigentlech d'Basis ass vun eise moderne Constitutiounen.

De Statsrot, dee setzt sech relativ laang mat der Fro vun der Onofhängegkeet ausenaner, also mat dem Begrëff „en toute indépendance“, deen hei am Gesetz gebraucht gëtt fir den ILR. An de Statsrot kënnt zum Schluss, dass dat heescht, dass deen Institut de Régulation e Pouvoir normatif hätt; dat heescht also, de Pouvoir, fir allgemeng gültig Regeln opzestellen, a souguer, wéi mäi Virriedner nach eng Kéier hei ënnerstrach huet, verbonne mat Sanktiounen.

Da stellt sech natierlech fir mech d'Fro, wou an der Struktur vun deenen dräi Gewalten, vun eisen dräi traditionelle Gewalten, wou dann elo deen normative

Pouvoir do eigentlech ugesiedelt ass. Ass en ugesiedelt bei der Exekutiv? Wa jo, da sténg en ënnert der Kontroll vun der Legislativ. Dat ass awer manifestement hei net de Fall.

Dës Problematik, déi gëllt iwwregens net nëmme fir den ILR, déi gëllt och fir aner Strukturen, déi mer zounehmend kreéieren, virun allem mam Kontext vun der Europäescher Unioun, wéi zum Beispill fir d'Zentralbanken. Do hu mer eng ähnlech Problematik vun där „en toute indépendance“. Ech sinn also der Meenung, dass eigentlech hei eng grondsätzlech Reflexioun iwwer eis Verfassungsuerdnung misst gefouert ginn, fir ze wëssen oder fir ze klären, ob mer net hei e Grondprinzip vun eiser Verfassung eigentlech a Fro stelle mat der Schafung vun esou Strukturen.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Hoffmann. Den Här Adam huet nach d'Wuert gefrot.

► **M. Claude Adam (déi grëng).**- Merci, Här President. Ech wollt dem Rapporteur Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport, an ech wollt och den Accord vun der grënger Fraktioun zu dësem Projet de loi bréngen.

Mir sinn der Meenung, datt, éischstens, den ILR bis elo eng ganz gutt Aarbecht gemaach huet. A mir mengen och, datt et wichteg ass, datt mer e staarke Régulateur hunn. Dat ass besonnesch wichteg fir e klengt Land, well déi Spillregelen, déi musse jo iwwerall agehale ginn. An e klengt Land huet en absoluten Intérêt drun, wann et e staarke Régulateur huet, well dee jo déiselwecht Regele muss anhalen, déi sech jo och net selwer ginn, mä déi se mussen ëmsetzen, déi vu Bréissel kommen. An duerfir hu mir als klengt Land wierklech e staarken Intérêt drun. Duerfir eisen Accord.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Adam. Elo kritt den Här Kommunikatiounsminister François Biltgen d'Wuert.

(*Interruption*)

Zéng Minutten.

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.**- Zéng? Oh, dat ass gutt. Zéng geet duer. Ech brauch se awer.

Merci, Här President. Et ass fir mech elo de sechste Projet zënter gëschter.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Dir sidd selwer dru schëlleg.

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.**- Jo. Ech kommen drop zrëck, Här Bettel. Am vorauselenden Gehorsam sot Der dat. Ech si gëschter oft als Turbominister tituliert ginn. Fir déi eng war dat negativ, fir mech war dat éischter positiv. Ech hat effektiv zwee Turbodeeg.

De Moien hunn ech zesumme mat der Kolleejin Octavie Modert en Accord mat der CGFP ënnerschrifwen, dass näischt an de Gehälter dëst Joer bäikënnt, wat ech awer fannen, wat och e wichtegt Signal ass, dass eng Regierung an eng Gewerkschaft dat dote kënnen zesummen decidéieren. Wat och e wesentlecht Signal ass fir de Sozialdialog, ëmsou méi, wou d'CGFP sech d'accord erkläert huet, mat der Regierung iwwert d'Gehälterreform ze diskutéieren.

An ech mengen, dass dat och e gutt Zeeche fir eist Land ass, dass mer och schwierig Saache kënnen ausdiskutéieren, duerchdiskutéieren. Dat bréngt mech zrëck zu dem Turbominister.

► **Une voix.**- Aaaahh!

(*Interruption*)

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.**- Ech gi gären zou - an Dir wësst, dass et eigentlech net meng Method ass an dass ech versichen, vill Projeten zäiteg ze depouéieren -, vun deene sechs Projeten - an dat ginn ech gären zou -, déi mer zënter gëschter diskutéiert hunn, sinn der eréischt fënnf fréistens am Februar vun dësem Joer déposiert ginn. Et ass just een - an dat ass deen, deen am mannsten Diskus-

sione mat sech bruecht huet, wou den Här Roth eleng geschwat huet -, mä all déi fënnf aner - deen ass éischter déposiert ginn; Äre Projet vu gëschter - sinn eréischt 2010 déposiert ginn.

An trotzdeem wëll ech hei soen, och wann d'Diskussiounen hefteg waren, ware se gutt. Ech wäert versichen, dass mer an Zukunft méi Zäit hunn, fir ze diskutéieren. Ech sinn awer frou, dass dës Chamber et fäerdeg bruecht huet, fënnf Projeten, déi eréischt zënter kuerzem deposiert waren, och hei ze diskutéieren an unzehuelen.

Véier vun deene Projekte waren an der Kommissioun, déi fir Enseignement supérieur, Recherche, Telekommunikatioun a Medien zoustänneg ass. An ech wëll duerfir haut eppes maachen, wou ech gëschter net d'Zäit hat am Stress, oder vläicht mer net d'Zäit geholl hunn. Ech wëll einfach där Kommissioun Merci soen. Et war fir si net einfach. An éischter Roll wëll ech dem President Merci soen,...

► **Plusieurs voix.**- Aaaahh!

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.**- ...dee jo och bei deem ëmstriddenste Projet Rapporteur war, de Lucien Thiel. Well egal wéi quokeleg et ginn ass, wivillmol mer ons hu misse knéien a béien, huet de President - an dee Merci geet awer och un d'Mataarbechter vum Greffe vun der Kommissioun - gesot: „Mir maachen et.“ An de President huet ni eng Diskussioun ofgewiergt. Jiddweree konnt seng Saache soen. En huet se och hei an der öffentlecher Plénière gesot; an ech mengen, och dat ass wichteg. An duerfir emol mäin éischte Merci un de President.

E Merci un déi dräi aner Rapporteur, well de President war jo och Rapporteur. E Merci un d'Madame Doerner, déi fir dee juristeschen quokelegste Projet zoustänneg war. Merci un d'Madame Andrich, déi jo un deem war, wou wierklech den Turbo am vollste gespilt huet, an déi Nuechten duergeschafft huet, fir dat ze maachen.

E Merci schlussendlech un den Här Oberweis, deen hei vill Saache gesot huet, op déi ech nach zrëckkommen. Vill fundamental Saachen,...

(*Interruptions*)

...déi och vu Leit vun der Opposition...

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Den Här Gloden huet nach gëschter geschwat.

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.**- An duerfir geet mäi Merci och...

(*Interruption*)

Här Bettel, heiansdo muss e Minister och d'Méiglechkeet kréien, Merci ze soen, well de Merci geet och un Är Kolleegeen.

► **M. le Président.**- Ech géif elo bieden, dem Här Minister nozelauschteren!

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.**- E Merci geet un all déi aner Memberen. Et ass jo kloer, dass et ëmmer esou ass, dass nëmme dee Rapporteur ka sinn, deen an der Partei ass vum Minister, mä déi Leit vum Koalitionspartner an och Leit vun den Oppositionen hunn och hei eng gutt Roll gespilt.

Ech mengen, si hunn hir Roll gespilt, mä si hunn och gehollef, déi Diskussiounen weiderzebréngen. Si wäerten och hëllefen, dass déi Diskussiounen elo net eriwuer sinn. An ech wëll einfach eng Kéier Merci soe fir déi Aart a Weis, wéi mer et maachen.

Ech fannen et e bësse komesch, Här President, dass, wann eng Kéier e Minister Merci seet, e gradesou vill attackéiert gëtt, wéi wann en net zefridden ass.

(*Hilarité*)

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.**- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech wëll déi lescht fënnf Minutten, déi mer zoustinn, benotzen, fir awer op fundamental Froen anzugeen, déi jiddwereen hei opgeworf huet. Dat heiten ass jo esou e Projet, wou dobause gesot gëtt: Et ass en technesche Projet.

An ech fänken da mam Här Hoffmann un, deen effektiv hei d'Fro gestallt huet: Wie

mécht dann och d'Normen? An dat ass eng Fro. Mir sinn et gewinnt...

(*Interruption et hilarité*)

Ech sinn elo fäerdeg bei lech, mä Dir sidd net fäerdeg ënner lech. Dir hutt nach haut a muer.

Mä eng Fro, déi mer hunn, zënterdeem an Europa d'Liberaliséierungswell ugefaangen huet, ass déi: Si mer am kontinentalen, normativen an exekutive System - ech kommen dorop zrëck -, oder si mer an engem angelsächsesche System? Déi Autoritéen indépendantes vun der Regierung, déi sech net am Normative bewegen, Här Hoffmann, mä am Exekutiven - do kommen ech nach eng Kéier drop zrëck -, dat ass e System, dee mer net kennen.

An duerfir di mer eis esou schwéier domat, an duerfir sinn all déi Froen, déi d'Kolleegeen hei opgeworf hunn, richtig. Well et ass net einfach. A mir hunn eis bis elo net einfach gedoen, an, ech mengen, mir hunn et och net ëmmer esou gutt gemaach, wéi mer et misste maachen, fir op eemol Autorité-indépendanten zu Lëtzebuerg anzeféieren.

Zu Lëtzebuerg gëtt et nëmme een exekutive System bis elo, dat ass d'Regierung. Mat der europäescher Liberaliséierung kréie mer ëmmer méi Exekutiv, net Normativ. D'Normativ muss ëmmer d'Gesetz maachen. Mir musse kucken, dass d'Gesetz och nach ëmmer dat Normativ behält an net dat Normativ ze vill ofgëtt.

Duerfir soen ech et nach eng Kéier: Et ass net herno den ILR, dee muss decidéieren, ob ee fënnf oder sechs Deeg d'Post ausdréit, mä et ass d'Gesetz, wat et muss decidéieren. Wat d'Gesetz decidéiert, muss et sinn. D'Gesetz muss dat Normativ behalen, och wann Autoritéen indépendantes d'exécution do sinn. Déi mussen indépendant sinn.

An dat ass jo eng Fro, déi hei diskutéiert gëtt beim ILR. Liest emol den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires. Déi si radikal dergéint. Well déi soen: „Hei muss de Stat, d'Regierung Meeschter bleiwen“, wärenddeem mer an Europa forcéiert sinn et ze maachen.

Ech mengen och, dass, wa mer d'Liberaliséierung - déi mir als Lëtzebuerg net wollten, dat wëll ech och soen; mir wollten net déi dote Liberaliséierung, op alle Fall net telle quelle -, wa mer déi wëllen zum Benefiss vun de Leit gewannen, da brauche mer Autoritéen indépendantes, déi zum Beispill, wann et de Betrib Post, dee PT ubelaangt, onofhängeg kënnen decidéieren, wat geschitt.

Op där Pressekonferenz, déi ech am Numm vun der Regierung ginn hunn iwwert d'Postliberaliséierung, sinn ech gefrot gi vu Journalistekolleegeen: Majo, kritt dann elo den ILR Zänn? Well et sinn och Leit, déi sinn net zefridde mat deem, wat d'staatlech Post ubitt. Elo kommen d'Reklamatiounen bei de Stat. Et ass besser, si komme bei den ILR. Den ILR muss dann och Zänn hunn. An Zänn sinn dat, wat d'Anne Brasseur opgeworf huet, nämlech d'Sanctions administratives, a wat de Claude Haagen och opgeworf huet, d'Sanctions administratives, déi extrajudiciaires sinn. An dat ass extrem wichteg.

Ech mengen och, dass mer an Zukunft musse manner Stroferecht maachen a méi Sanctions administratives. Do, wou Ordre public ass, gehéiert d'Stroferecht hin. Do, wou et Intérêt général ass, gehéiere Sanctions administratives hin. An duerfir mengen ech, dass dat, wat mer hei maachen, richtig ass. Ëmsou méi, wou jo e Recours virgesinn ass. Et ass e Recours virgesi virun dem Tribunal administratif an der Cour administrative.

Et ass also ee Resultat vun deenen indépendanten Organer. D'Madame Brasseur huet richtig hei opgeworf, dass mer ganz vill Ënnerscheeder hu bei de Mandaten an och bei den Établissements publics an och bei den Organes indépendants.

Wéi ech virun 30 Joer zu Paräis op der Uni war, hat ech e Professor, dat war den Doyen Vedel, an dee sot: «L'établissement



public, c'est un fourre-tout juridique.» Mat dem Ënnerscheed, dass et a Frankräich eng Basisgesetzgebung gouf fir en Établissement public, a bei eis iwwerhaapt net. Duerfir géif ech soen: «Chez nous, l'établissement public, c'est un fourre-tout, mais pas juridique.»

Duerfir versiche mer jo och mat Litigen, mat der CGFP, ënner anerem gesot, ze kucken och eis eng Philosophie ze maachen iwwer Établissements publics. Et ass en Ënnerscheed, ob en Établissement public en Organe indépendant ass, dee Pouvoirs exécutifs huet, déi net d'Regierung huet, oder ob et zum Beispill e kulturellt Institut ass. Dat sinn zwee verschidden Établissements publics.

Mir müssen also kucken, verschidde Regeln ze maachen.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Den Här Schaack huet viru Joren eng Etüd an Optrag gi gehat iwwert d'Établissements publics. Firwat hu mer dann d'Konklusiounen dovun ni ëmgésat kritt?

► **M. François Biltgen**, *Ministre des Communications et des Médias*.- Well mer net eens gi si mat der CGFP fir déi dote Konklusiounen, déi effektiv an enger Etüd erauskomm sinn, déi den Här Schaack an Optrag ginn hat, wéi e Statssekretär fir d'Fonction publique war, well d'CGFP déi dote Konklusiounen net akzeptéiert huet. Duerfir si mer nach a Litige mat der CGFP.

(*Interruption*)

An dee Litige ass net vidéiert.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Deen dauert scho laang, dee Litige!

► **M. François Biltgen**, *Ministre des Communications et des Médias*.- De Litige ass eng staatlech Prozedur an déi muss een tant soit peu respektéieren.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Deen dauert elo schonn zéng Joer, dee Litige!

► **M. François Biltgen**, *Ministre des Communications et des Médias*.- Duerch dee Litige hunn ech et ni fäerdeg bruecht, wéi ech nach eng Kéier Aarbechtsminister war, fir zum Beispill en Établissement public ze maachen an der ADEM. Den Här Schmit seet mer elo, mir packen et och ouni. Tant mieux. Bonne chance! Well et ass wichteg, dass do eppes geschitt.

(*Interruptions diverses*)

Ech schwätze jo ni iwwer mäin ehemalegt Departement. Ech soe just, dass den Här Schmit do mäin totale Support huet. Sou.

(*Brouhaha*)

Nach eng Kéier: Mir müssen also en Ënnerscheed maachen och an Zukunft, wat en Établissement public ass, firwat e steet. Mir müssen eppes maache fir Organes indépendants. Duerfir soen ech och, wat d'Mandater ubelaangt, fënnef, siwe Joer muss mer eng Kéier kucken, Streamlining ze maachen. Do soen ech nach eng Kéier: De Fonction-publique-s-Minister oder déi zwee Fonction-publique-s-Ministère wëllen dat maachen am Kader vun der Diskusioun „Gehälterreform“.

Och do soen ech: Et ass awer en Ënnerscheed, ob ee President ass, President ass vun...,

(*Interruptions*)

...ob een Direkter ass vun enger Administratioun oder President ass oder Directeur général vun engem Organe indépendant.

Duerfir, wat d'Mandater ubelaangt, huet d'Madame Brasseur Recht. Mir müssen eng Kéier kucken, wéi mer dat an Zukunft maachen. Mir müssen en Ënnerscheed maachen tëschent enger staatlecher Verwaltung, wou de Minister nach ëmmer den Tutellesminister ass, an engem Organe indépendant. Dat wëlle mer och selbstverständlech maachen.

Mir mengen net, dass et eng aner Form gëtt wéi Établissement public an eisem Gebitt. Soss muss mer eng ganz nei Saach kreéieren. Mä mir müssen den

Ënnerscheed maachen tëschent Établissement public an Établissement public. Dat heescht, mir muss wiereklech - an do kommen ech op dat zréck, wat den Här Bausch gesot huet - eng Hierarchie maachen: „Wat ass d'Aufgab vum Établissement public?“ An da muss deen Établissement public déi Regele kréien, deen déi Regeln, deen déi Regeln. Dat soen ech, et ass effektiv viles an där Etüd dran, déi scho bal zéng Joer al ass. Mä dat muss mer och kennen ëmsetzen.

Zum ILR: Här President, kréien ech nach zwou Minutte méi?

(*Brouhaha*)

► **M. le Président**.- Dat sinn dann awer déi lescht fir haut, Här Minister.

(*Interruptions diverses*)

Neen, mir lauschten elo de Minister. Ech mengen, et sinn hei eng Rei Froe gestallt ginn un de Minister. Et schéngt mer awer normal ze sinn, datt de Minister dorobber äntwert.

(*Brouhaha*)

Här Minister, da fuert och elo virun!

(*Interruptions*)

► **M. Xavier Bettel** (*DP*).- Mä de Minister huet sech vergiess. En huet jiddwerengem Merci gesot, just sech selwer nach net!

(*Interruptions*)

► **M. Jean-Louis Schiltz** (*CSV*).- ...net, datt den Här Biltgen, Minister senges Zeechens, hei calme bleift an net op Är Provokatiounen ageet.

► **Plusieurs voix**.- Ooohhh! Aaahhh!

► **M. Jean-Louis Schiltz** (*CSV*).- An ech soen lech, datt en nach eng Véirelstonn schwätzt!

► **M. le Président**.- Sou, hei, ech géif elo bieden, déi Dialogen tëschent Kollegen ze ënnerloossen an elo ganz eleng...

► **M. Xavier Bettel** (*DP*).- Här President, dat ass eng Provokatioun vum Här Schiltz!

► **M. le Président**.- ...ganz eleng dem Minister nozelaschten. Här Minister, loosst lech elo net aus der Rou bréngen! Fuert elo virun, Här Minister!

(*Interruptions*)

Här Minister!

► **M. François Biltgen**, *Ministre des Communications et des Médias*.- Zwou Minutten, Här President. Well awer eng Partie Froen och zu dem Rôle vum ILR gestallt gi sinn.

Zum Beispill huet den Här Colombero gefrot: Een ILR oder e puer ILRen? Vu dass mer keng Erfahrung hunn an deem Land mat indépendanten Organen, hu mer et all besser fonnt, et fënnt een een ILR. Well dat eent ass d'Technicitéit. Natierlech ass d'Bunn, also dat sinn d'Schinnen, d'Bréifpost, Telekom respektiv Energie eppes aneschers. Mä hannendru stécht ëmmer eng indépendante Approche vu Liberaliséierung am Kader vun enger Regulatioun, a virun allem an enger europäescher Regulatioun.

Mir mengen, dass en ILR, deen e puer Fonctiounen huet, besser gestiiwelt ass sech ze verteidege par rapport zu de Privatopérateuren - well et geet jo heidrëm; ëm den Intérêt public par rapport zu de privaten Opérateuren, och wa se dem Stat gehéieren, respektiv och par rapport zu Europa.

Duerfir menge mer, dass et an engem klenge Land wéi Lëtzebuerg besser ass, mir regruppéieren an engem ILR. Duerfir och haut wichteg dat Gesetz, fir fënnef Direkteren ze hunn, an net méi dräi. Ee Generaldirekter a véier anerer. Well dat et fäerdeg bréngt, e Collège ze fannen, wou een all Kompetenzen erëmfënnt.

Duerfir wëll ech nach eng Kéier och dat soen hei op der Bühn, well de Marcel Oberweis hat déi Fro opgeworf als Rapporteur an der Kommissioun: Wann elo d'Mandater nei ginn, wann elo d'Mandater nei kommen, heescht dat, dass déi Leit, déi do sinn, net méi dierfe postuléieren? Neen, hei kommen nei Mandater. Déi Leit, déi do sinn, kënnen frësch postuléieren. Mä mir kréien nei Leit a mir wäerte

versichen, eng Équipe ze fannen, déi effektiv op all Froen do eng Äntwert huet. Well Dir wäert gesinn, dass den ILR net nëmme muss kämpfe mat de Leit heibannen. E muss och kämpfen an Europa par rapport zur Kommissioun, dass och nach iergendwéi de Lëtzeburger Régulateur eng Roll ze spillen huet. An ech mengen, dass mer hei op där richteger Schinn sinn.

Ech mengen och, dass déi Froen, déi gestallt goufen, richtig sinn. Ech mengen och, dass mer haut net, an och ech net, souguer wann ech 20 Minutte méi gehat hätt, net all Äntwert op all Fro gehat hätt. An ech mengen, mir sollen och an Zukunft, wa mer eng Verfassungsreform maachen, eis och mat deenen Organen indépendants auserneesetzen. Well dat ass eppes, wat mer, zënterdeem et eis als Stat gëtt, net kannt hunn, wat eis vun Europa octroyéiert gouf, wat eng angelsächsesch Method ass, déi net onbedéngt duerfir schlecht ass, mä mat där mer muss kucken, eis Spillregeln ze fannen, fir dass se eisem Land an eise Leit méi bréngen.

Duerfir sinn ech frou, dass mer dat Gesetz hei stëmmen. Duerfir wëll ech och nach eng Kéier soen, dat Gesetz gëtt méi hier, wéi een einfach mengt, wann een et liest. An ech sinn iwwerzeegt, dass mer eis och nach iwwer all déi Froen nach eng Kéier auserneesetzen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Minister. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6123 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen an 1 Enthaltung.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher (par M. Félix Eischen), Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Jean-Louis Schiltz), Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Claude Haagen), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helmingier, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

S'est abstenu: M. André Hoffmann.

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

(*Négation*)

Dat schéngt mer net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(*Assentiment*)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6147, eng Ofännerung vum Code du Travail. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Kaes, Bauler, d'Madame Loschetter, den Här Gibéryen, den Här Hoffmann an den Här Clement. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Roger Negri. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

2. 6147 - Projet de loi

1) portant introduction de diverses mesures temporaires visant à promouvoir l'emploi et à adapter les modalités d'indemnisation de chômage et complétant ou dérogeant à certaines dispositions du Code du Travail;

2) modifiant les articles L. 513-3, L. 521-7 et L. 523-1 du Code du Travail;

3) modifiant la loi modifiée du 17 février 2009 portant 1. modification de l'article L. 511-12 du Code du Travail; 2. dérogation, pour l'année 2009, aux dispositions des articles L. 511-5, L. 511-7 et L. 511-12 du Code du Travail

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

► **M. Roger Negri** (*LSAP*), *rapporteur*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Bekämpfe vum Chômage ass déi gréisste sozialpolitesch Erausforderung, där mer eis an där aktueller Kris ze stellen hunn.

Niewent dem Chômage vun de jonke Leit a virun allem den net oder weëneg qualifizéierte Leit muss mer feststellen, dass sech eng Aart Chômagezort ëmmer méi verschlëmmert, an zwar déi vum Laangzäit chômage. An dat virun allem bei eise méi eelere Matbiergerinnen a Matbierger, fir déi et ëmmer méi schwéier gëtt, erëm an den Aarbechtsprozess eranzefannen. Genau dese Leit ab 45 Joer ënnert d'Äerm ze gräifen, ass den Hauptobjekt vum Projet de loi vun haut.

Här President, och wa mer säit kuerzem eng llicht wirtschaftlech Relance verzeechen, an och wa säit Mäerz vun deem Joer eis Chômagetauxen erofginn, esou bleift d'Situatioun um Aarbechtsmaart dach gespaant. No dem Krisenhierscht 2008 ass d'Aarbechtslosegkeet hei zu Lëtzebuerg staark geklommen. Nach am August 2008, also virun zwee Joer, waren 9.374 Leit als Demandeurs d'emploi hei zu Lëtzebuerg ageschriwwen, wat engem Taux vu 4,2% entsprach huet. Dës Zuel ass vun do u konsequent an d'Luucht gaang an huet hire Maximum dës Joer am Februar 2010 erreicht, wou 15.222 Leit op der Sich no enger Aarbecht waren.

D'Wirtschaftskris war am Ufank eng Kris vun de Finanzmäert an ass dofir net esou richtig vun der Gesellschaft wouergeholl ginn. Kuerz Zäit duerno hunn hir Auswierkungen an der Realwirtschaft besonnesch déi scho Vulnérabel ënner eis am häertste getraff. Also déi Leit, déi keng oder just weëneg Ausbildung hunn. Jonk Leit, déi nach keng berufflech Erfahrung maache konnten. Leit, déi prekär an/oder zäitlech begrenzten Aarbechtsplazen hunn, an déi ugesprachen net méi sou jonk Mënschen ëm déi 45 a 50 Joer. An ech zitieren an deem Sënn eise Statsminister Jean-Claude Juncker bei senger Erklärung zur Lag vum Land dese 5. Mee: „...well ëmmer méi Leit ronderëm deen Alter an de Chômage geroden a sech schwéier um Aarbechtsmaart replacéiert kréien“.

Här President, all déi Mënschen, déi keen dauerhaft a séchert Akommes hunn, gi besonnesch geschwächt aus dëser Kris eraus, an deem gëllt et elo entgéintzewirken.

Als sozialistesche Fraktioun begrësse mer et besonnesch, dass den Aarbechtsminister Nicolas Schmit bis elo schonn eng ganz Rei Initiativen ergraff huet, fir genee dese Kategorië vu Leit zu enger Aarbecht ze verhëllefen. Ech erënnere un de Projet de loi vum Oktober 2009, fir de Chômage vu jonke Leit ze reduzéieren, de Projet „Fit for job“, dee sech konkret fir eng Réinsertioun vu Leit asetzt, déi hir Aarbecht am Bankensektor verluer hunn, an och d'Initiativ Jobforum, déi als Bourse fir d'Aarbecht ka beziechen ginn an als Zil huet, eeler Aarbechtsloser nees op den Aarbechtsmaart ze reintegréieren.

De Lëtzeburger Aarbechtsmaart ass speziell a leit ënner engem strukturelle Pro-